"Ons Jongen"

Ligue des conscrits luxembourgeois réfractaires au service militaire allemand.

Comité Central

Luxembourg, le 3o juillet 1945.

Bericht iwer d'Sötzong vum Zentralcomité vum Samschdeg, den 28.[illegible]

Uwiesend: Zentralcomité: Fandel, Wohlfart, Hurt, Wagner, Conter, Thinnes.
Rédactio'nscomité: Wolter

Entschöllegt: Steil, Bour, Kraus.

Eröffnong vun der Versammlong dûrch de Vice-Président: 14,15 Auer.

Ponkt 1. Courrier.

De Vice-Président gett dem Comité Kenntnes vum Courrier, dén an de leschten 8 Dég am Zentralcomité agelâf ass.

A° Schreiwen Jos. Wohlfart, vum 28. Juli 1945.

De Komerod Wohlfart (Luerentzweiler), Member vum Zentralcomité an Delege'erten vun der Ligue "Ons Jongen" um Office National du Travail huet e Schreiwen un den Zentralcomité gerîcht, an dém hien dem Zentralcomité seng Démissio'n önnerbrét. Als Grond fe'ert hien un, de Komerod Bochet (Letzebierg) hatt him é Reproche gemâch, dén guer net fonde'ert wir, numlech hien geng um Office National du Travail net de' Fuerderongen erföllen, de' mir un hien gestallt hun. De Komerod Fandel fe'ert aus, dat dem Wohlfart seng Démissio'n a kengem Sönn berechtegt ass, well se op reng perse'nleche Grönn bero'ht. Den Zentralcomité schle'sst sech éstömmeg de'er Ménong un.

De Komerod Wohlfart gett é kûrze Rapport iwer d'Aktivite't, de' hien bis elo um Office National du Travail développe'ert huet. We' de Komerod Wohlfart am März 1945 als Delege'erten vun der Ligue "Ons Jongen" op d'Arbechtsamt komm ass, do wor no sengen Ausfe'erongen nach guer neischt fir d'Jongen an dém Sönn önnerholl gin. Als Delege'erten vun onser Ligue huet hien bis haut 1o3 Jongen place'ert wât onbedéngt muss unerkannt gin. Weider huet hien an der Frô vun der Rééducation Professionnelle eng mâssgebend Roll gespillt.

Den Zentralcomité höllt d'Démissio'n vum Komerod Wohlfart net un, well se net begröndt ass. Fir de' nächst Sötzong vum Zentralcomité soll de Komerod Bochet cite'ert an de' Frô enger Révisio'n önnerzu gin.

B° Schreiwen vun der Section Re'den vum 21. Juli 1945.

De Vice-Président verliest é Schreiwen vun der Sectio'n Re'den betr. Andélong vun onser Ligue an Distrikter. D'Sectio'n Re'den ass der Ménong, dat dûrch d'Schâfong vun Distriktscomitéen ons Ligue zersplittert gett. De Komerod Wolter beto'nt, dat et sech guer net öm Distriktskomitéen handelt. D'Andélong an Distrikter ass nömmen virgeholl gin, fir d'Weiderlédong vun den Direktiven vum Zentralcomité a sämtlech Sectio'nen ze garante'eren, an zwétens fir d'Vertriedong vu sämtlechen Régio'nen an dém nei ze wielenden Zentralcomité sécherzestellen. D'Andélong an Distrikter kann also keng Onénegkét zur Feileg hun, mais just de Contraire; an der Proposition Kraus, we' se vum Zentralcomité éstömmeg ugeholl ass gin, gett och ausdrecklech ervirgehueven, dat d'Vertrieder vun den Distrikten sech nömmen zo' deliberativen Versammlongen afannen. Den Zentralcomité décide'ert, der Sectio'n Re'den, de' gross Verdengschter erwuerben huet, op hirt Schreiwen eng Antwert an dém virbenannte Sönn zo'kommen ze lô sen.

C° Schreiwen vun der Sectio'n Letzeburg betr. Ausschloss vu ver[illegible]ne Memberen.

D'Sectio'n Letzeburg délt dem Zentralcomité seng Décisio'n mat, verschidde Memberen aus der Ligue auszeschle'ssen bezw. net opzehuelen. Et handelt sech öm folgend Leit PUNDEL Paul, BETTENDORF Paul, a

PEIFFER Lucien. De Sectio'nscomité Letzeburg propose'ert éstömmeg de' Betreffend aus der Ligue auszeschle'ssen, well se patriotesch Komprometté'ert sin. Den Zentralcomité schle'sst sech der Propositio'n un an décidé'ert an dénen drei Fäll den Ausschluss aus der Ligue.

D° Schreiwen vun der Sectio'n Jonglenster.

Op Invitatio'n vun der Sectio'n Jonglenster décide'ert den Zentralcomité, de Komerod BOCHET Albert op d'Soirée vun der Sectio'n Jonglenster e Sonndeg, den 29. Juli, ze delege'eren.

E° Schreiwen vun der Sectio'n Monnerech, vum 25.7.45.

De Président vun der Sectio'n Monnerech invite'ert den Zentralcomité op d'Wisefest vun der Section Monnerech e Sonndeg, den 29. Juli 1945.

Ponkt 2. Bezugscheiner fir Refractairen.

Op d'Ufrô vum Komerod Conter délt den Zentralcomité mat, dat d'Frô vun de Bezugscheiner fir Refractairen vun dénen énzele Sectio'nen mat hire jéweilege Gemengen ze regelen ass.

Ponkt 3 Eltereversammlong vum Samschdeg, den 28. Juli 1945, am Cercle.

D'Komeroden Conter a Wagner ging an d'Eltereversammlong delege'ert, de' e Samschdeg, den 28. Juli, um 15 Auer, am Cercle stattföndt.

Ponkt 4 Caisseberich

Am Numm vun der Sectio'n Esch bied de Komerod Fandel öm, é Caisseberich vum Zentralcomité. De Caissier Bour soll dé Bericht an der nächster Sötzong vum Zentralcomité virléen.

Ponkt 5 Batterie Luxembourgeoise.

De Komerod Hurt frét un, op d'Memberen vun der Batterie Luxembourgeoise, de' net de Joergäng 20-26 ugehe'eren, och können an d'Ligue opgeholl ginn. D'Memberen vun der Batterie Luxembourgeoise könne behandelt gin we' de' Ugehe'ereg vun der Letzeburger Freiwöllegekompanie, si können also och an d'Ligue opgeholl gin.

Ponkt 6 Distrikter.

De Komerod Conter huer d'Andélong vum Land an Distrikter op Grond vun enger Lankârt esc' weit ferdeg, an hien lét seng Propositio'n an der nächster Sötzong vum Zentralcomité vir.

Ponkt 7 Manifestatio'n vum 31. August.

Den Zentralcomité décide'ert, den 31. August, Joeresdâg vun der Proklamatio'n vun der Wehrpflicht dûrch de Gauleiter, eng gro'ss Manifestatio'n vun der Ligue zu Letzeburg z'organise'eren. Samtlech Sectio'nen vum Land sollen sech dru bedélegen, an de' nächer Enzelhéten gin an dernächster Sötzong vum Zentralcomité besprach.

Schluss der Sötzong: 16 Auer.
De' nächst Sötzong gett op e Samschdeg, den 11. August, fixe'ert, resp. Samschdeg, den 4. August, falls et notwenneg ass.

De Président:
gez. A. Steil.

De Sekretär
gez. E. Fandel.